



► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An den Educationnsminister, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e Merci och un de Lex Delles als Rapporteur. Merci un all d'Intervenanten.

Mir hate virun dräi Joer e Gesetz hei iwwert d'École de la 2^e Chance gestëmmt. An eng Rei vun Deputéierten hunn eigentlech och uge-reegt gehat deemools, datt een iwwert den Numm eng kéier sollt nodenken. Ech hunn och deemools a menger Stellungnam dat mat opgehooll a gesot: „Jo, well wann ech herno a mengem CV stoen hunn, ech hunn en Deel vu mengem Parcours scolaire an der École de la 2^e Chance gemaach, dann heescht dat jo, datt ech bei der éischter Chance schonn net reuséiert hunn. An ech denken, datt jiddwereen d'Recht op eng zweet a vläicht souguer op méi Chancë soll hunn, mä datt dat awer näischt ass, wat een iwwer e Liewe laang herno nach soll begleeten an zum Deel stigmatiséieren.“

Elo kënnen mer allegueren soen, dat wär net esou, mä mer wëssen awer, datt et wahrscheinlech Leit am Land gëtt, déi awer dat esou géifen interpretéieren, wa se dann e CV esou, mat där doter Bezeechnung, um Dësch leien hunn.

An duerfir hu mer mat der Schoul och Récksprouch gehalen. An et ass deen doten Numm „Ecole nationale pour adultes“, deen zréckbehalen ginn ass. Woubäi un där schoulescher Offer, déi den David Wagner hei elo ganz explizitt och nach eng kéier opgezielt huet, an hirer ganzer Bandbreit näischt wäert änneren an et sécherlech och keng Schoul wäert ginn, déi sech elo ganz exklusiv un Erwuessener wäert richten. Woubäi mer wëssen, datt, wann d'Iddi vun der 2^e Chance jo awer spillt, een dann e gewëssenen Alter huet, ier een dann iwwerhaapt an déi dote Schoul kënnt an de Gros vun de Schüler och haut schonn Erwuessener sinn.

A mat där Bandbreit vun Offeren, och Leit, déi no enger Berufserfahrung sech emol erëm eng kéier wëlle weider forméieren, an dat wierklech vun der Formation professionnelle bis hin zu enger Première respektiv engem Diplom, deen zu Héichschoulstudien dann och herno autoriséiert, do gesäit een, datt dat eigentlech haut schonn d'Käzilgrupp vun der École de la 2^e Chance ass.

Ech wëll och un eng Kritik erënneren, déi och deemools an der Debatt hei awer formuléiert gouf, an ech mengen, et war och deemools vun der CSV, well gesot ginn ass: „Mir mussen oppassen, datt d'École de la 2^e Chance net eise Lycée Konkurrenz mécht. A wa se elo eng Première ubitt, datt et dann eben net esou ass, datt de Schüler, deen an engem Lycée op der Deuxième ass, op der Troisième ass, iergendwann eng kéier seet: „Elo halen ech emol hei op, aus iergendengem Grond, well ech mam Professer net eens ginn oder well ech mam Direkter net kloer kommen oder well et mer einfach an der Schoul emol hei net méi gefält, well ech ka jo niewendrun an déi aner Schoul goen, déi École de la 2^e Chance heescht, an einfach do ufänken.“

Duerfir hu mer jo schonn eng ganz Rei vun Zougangskritären esou gemaach, datt ech eigentlech aus dem Alter, wou ech normalerweis an e Lycée erakommen, och erausgewuess sinn, fir iwwerhaapt kënnen an d'École de la 2^e Chance eranzekommen. Wann also déi Kritik do richteg ass respektiv net ganz falsch war, dann, denken ech, kann een awer och hei absolut domadder d'accord sinn, datt mer d'École de la 2^e Chance elo ëmbenennen an „École nationale pour adultes“.

„Nationale“, well et déi vum Stat ass. Hei si Formatiounszentren a Schoule genannt ginn, déi vun aneren Akteuren, privatrechtlechen Akteure gedroe ginn. Dat ass ganz kloer. Do ka jiddweree sech natierlech weider engagéieren am Beräich vun der Erwuessenebildung, am Beräich vun der Weiterbildung. Do brauche mer ganz vill Akteuren.

Am Ministère hu mer och nach e Service de la formation des adultes, dee jo an der Regel net selwer Prestataire ass, deen net selwer Formatiounen ubitt, mä deen iwwer Gemengen, iwwer Asblen, also iwwer extern Prestataire kuckt, datt ganz vill Erwuessenebildung quesch uechtert d'Land an deenen ënnerschiddlechsten Domänen, vun de Sprooch bis an aner Beräicher eran, dann och assuréiert gëtt. Mä hei ass et déi Schoul, wou de Stat de

Prestataire selwer ass, an duerfir École „nationale“ pour adultes.

D'Madamm Lorsché huet zu Recht ugeschnidden: Wéi grenze mer eis of par rapport zu anere Schoulen, wéi dem Centre national de formation professionnelle continue, zum Beispill? Nun, ech si frou, datt mer erëm e gewësene Recentrage konnten hierstellen am Laf vun deene leschten zwee, dräi Joer, wat d'Aktivitéit vun de CNFPCen ubelaangt, an erëm a Richtung goen, fir déi se eigentlech geduecht sinn an och den Numm et ausdréckt, well ass Plazmangel eigentlech am Laf vun deene leschte fënnf bis zéng Joer oft gekuckt ginn ass: Wa mer am Lycée keng Plaz hunn, fir Initialformatioun ze maachen, fir eng Rei vu Schüler weider do an der Schoul kënnen ze halen, da maache mer Klassen an der Initialausbildung an de CNFPCen op.

An d'CNFPCe sinn eigentlech do an eng Richtung gedréckt ginn, vläicht aus der Nout eraus, wou se eigentlech net derfir geduecht waren. A mir hunn, well mer méi Capacitéiten erëm an de Lycéeën hunn, och elo erëm gekuckt, datt mer, wat Initialausbildung ass, dat esou wäit wéi méiglech an de Lycéeë maachen, fir och Plaz ze kréie wierklech, fir Formation continue fir Jonker oder fir Erwuessener kënnen an de CNFPCen ze assuréieren.

A mir wäerten och ronderëm d'Rentrée do, denken ech, e ganz neie flotte Projet an Zesummenaarbecht mat engem CNFPC kënnen presentéieren, ënner anerem och fir deene Jonken, déi theoretesch Zougang an d'Formation professionnelle hunn, op de CCP hunn, awer keng Léierplaz fonnt hunn, fir deenen d'Bréck an d'Léier do nach eng kéier kënnen ze bauen. Soudatt mer och do d'Aktivitéit vum CNFPC rezentriert hunn, awer absolut complementaire och hunn zu deem, wat herno d'École nationale pour adultes soll maachen.

Et ass absolutt berechtigt, datt sech hei d'Fro gestallt gëtt, wou dann d'École nationale pour adultes herno wäert sinn, well, an dat ass awer elo net déi éischte kéier, datt och deen Delai ofleeft, dee Contrat de bail ofleeft vun deem Site, wou se haut ass - do besteet och nach d'Méiglechkeet, datt dat eng kéier prolongéiert gëtt; déi Diskussiounen sinn amgaange gefouert ze ginn -, mä d'Regierung sicht an huet och en neie Site fonnt fir d'École nationale pour adultes.

A well dee Site och net nëmme Plaz gëtt fir eng Schoul, hu mer och decidéiert, an ech schwätzen hei ënnert dem Contrôle vum Infrastrukturminister Fränz Bausch, fir och gläich zwou nei Schoulen dohinner ze implantéieren: nieft der École nationale pour adultes och de Sportslycée, nämlech op Mamer, bei déi besteeënd Strukturen vun der Europaschoul, bei déi besteeënd Struktur vum Lycée Josy Barthel zu Mamer.

An duerfir ass dat e Site, dee gutt ugebonnen ass un den ëffentlechen Transport. Duerfir ass dat e Site, dee weider kann developpéiert ginn. Duerfir ass dat e Site, wou Synergien tëschent all deenen dote Schoule kënnen realiséiert ginn, notament och Synergien tëschent dem Sportslycée an deenen anere Lycéeën, wat d'Sportinfrastruktur ubelaangt, wat awer gläichzäiteg och nach eng kéier d'Proffen ubelaangt, wat awer och do nach eng kéier d'Méiglechkeet ubelaangt, fir all Ordre d'enseignement, déi herno do wäerte vertrauede sinn, och souguer Erwuessener, déi dann do wäerten an d'Schoul goen, d'Méiglechkeet ze bidden, am Sportslycée hire Parcours kënnen ze maachen.

Duerfir sinn ech frou, datt sech déi Méiglechkeet do erginn huet. An ech denken, datt dat elo déi Äntwert ass, déi d'Strooss wäert halen a wou elo gezielt drop geplangt gëtt, an datt mer och méiglechst schnell do ukommen, fir dat ze realiséieren.

Ech soen Iech Merci fir déi, déi dann hei wëlle mat d'Zoustëmmung ginn, fir datt mer dat dote kënnen realiséieren. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwer goen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7301 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

37-mol Jo, 23 Enthaltungen. Domat ass de Projet de loi 7301 ugehooll.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

D'accord mat der Dispens?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer ginn zum nächste Projet iwwer, dem Projet de loi 6895 iwwert d'Administratioun fir de Fluchverkéier. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Henri Kox.

3. 6895 - Projet de loi portant modification de 1) la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne; 2) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Henri Kox** (déi gréng), *rapporteur*.- Merci, Här President. Effektiv geet et hei ëm d'Administration de la navigation aérienne. Et ass eng Iwwerschaffung vum Gesetz, éischstens, well d'europäesch Gesetzgebung de Kader geännert huet, nämlech nei Exigenzen erausgeschéit ginn, déi u sech musse vun de jee-weelge Prestataire op de Fluchhäfen ausgefouert ginn, wëssend, dass d'ANA, wéi se an der Ofkierzung och heescht, säit 2004 och de Prestataire ass, fir de Service de navigation aérienne um Fluchhafen auszeüben. En ass certifiéiert. E gëtt awer och all Joer dann entsprechend kontrolléiert. An dat gëtt gemaach duerch d'Autorité de surveillance nationale, wat u sech duerch d'Direction de l'aviation civile gemaach gëtt.

2009 ass dat Reglement um europäesche Plang reviséiert ginn, soudass nei Exigenzen op den Operateur zukomm sinn, fir sech eben den neie sécherheetstechneschen Normen unzupassen. Och gouf hei am Gesetz d'Loi organique, also d'Organisation vum der ANA, nach eng kéier strukturéiert, wat d'Aufgabe sinn a wat dann um Terrain ëmzesetzen ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Den zweete Punkt war natierlech och den Exploitant vum Fluchhafen, wien da schlussendlech vum Fluchhafen kann d'Gestioun maache respektiv och dee ganzen Alldag dervun organiséieren. Do hu mer eis am Gesetz op d'europäescht Reglement och baséiert, dass e Prestataire dat och ka maachen; soudass dat als zweete Punkt eragefloss ass.

An als drëtten Punkt ass ebe gekuckt ginn, dass d'ANA och besser strukturéiert gëtt.

Ech wëll dann awer op ee Punkt agoen. Nämlech dat war dee Punkt, deen natierlech och an der Diskussioun ëmmer war, d'lescht Joer insbesondere, tëschent deem, deen den Exploitant vum Fluchhafen ass - an dat wësst Der: Dat ass lux-Airport -, an e bëssen d'Gestioun, e bëssen d'Sécherheet dervun, wat natierlech och zu villen Negociatiounen gefouert huet, wou schlussendlech awer, an dat muss een hei soen, e gutt Enn fonnt ginn ass.

An dofir: D'Resultat vun dësem Gesetz ass jo och d'Resultat vun deenen Negociatiounen. An dofir kann ech nëmmen all den Intervenante Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi se do haten, och deels, dass et kontrovers do geet, se sech awer schlussendlech op en Text geeenegt hunn, fir dass jiddweree Säint och ka maachen.

Dofir, déi Opdeelung, déi haaptsächlech am Vierdergrond stoung, war: De Gesamtoperateur ass lux-Airport, wéi Der wësst, um Fluchhafen. Awer doduerch, dass d'Reglement vun der Europäescher Kommissioun virgesäit, dass een engem Drëtten eppes kann als Service oftrieden, bleift weiderhin d'ANA responsabel fir déi sougenannt Fluchsécherheet, déi dat dann, wou se déi néideg Kompetenzen hunn, och

nach an der Zukunft wäerte maachen. An dat ass och dat, wat dëst Gesetz dann och festhale soll.

Ech mengen, dat sinn déi wichtegst Ännerungen oder Feststellungen vum dësem Gesetz. Natierlech sinn och Upassungen, wéi zum Beispill, dass natierlech d'ANA net responsabel ass vum Tarmac, also vun der Fluchbunn, well déi ass gedeckt duerch en anert Gesetz vun de Ponts et chaussées. Et sinn d'Ponts et chaussées, déi responsabel si fir den Entretien vum Fluchfeld; wéi an der Vergaangenheet oder viru Kuerzem jo och eng Rei Verbesserungsarbeiten duerchgefouert gi sinn. Och dat ass nach eng kéier festgeschriwwen ginn an dësem Gesetz.

Ech mengen, da géif ech och direkt eriwuer goen op den Avis vum Statsrot. Do war net vill dran. Et war jo am Ufank geduecht, d'Administration e bëssen ëmzënnern, nämlech an Administration de l'aérodrome et de la navigation aérienne. Vu dass den Aerodrom erausgefall ass duerch eng Rei Ännerungen, déi och d'Regierung gemaach huet mat Amendementen, ass dee Punkt erausgefall, well soss hätt ee missen „Aérodrome“ e bësse méi am Detail explizéieren, wat dann drënner ze verstoen ass. Dat betrëfft jo dat ganz Fluchfeld mat den Accessoiren, déi u sech och do sinn.

Den zweete Punkt, dat war déi Personnalité juridique, déi d'ANA u sech net esou huet, an dass et net un hinnen ass, dann entsprechend Konventiounen mat Drëtten auszuféieren. An dofir ass am Gesetz ebe bäikomm, dass dat net d'ANA selwer mécht, mä de Minister u sech a senger Kompetenz ass, fir dat auszuféieren.

Ech mengen, dat ware schonn déi wichtegst Argumenter vun dem Statsrot, déi all agefloss sinn hei an dëst Gesetz, soudass ech Iech elo just nach brauch d'Date matzedeelen, wéini d'Gesetz deposéiert gouf. Dat war de 27. Oktober 2015. De Statsrot hat de 15. Juli 2016 säin éischten Avis gemaach.

Et gouf och nach en Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi sech och mat där Problematik ausenanergesat hunn. Da goufen eben Amendementen vun der Regierung eraginn, de 17. Mee 2018. An de 26. Juni 2018 koum dann den Avis (veuillez lire: Avis complémentaire) vum Statsrot. An den 29. Juni gouf ech als Rapporteur bestëmmt, wou mer och sämtlech Avisen nach eng kéier analyséiert hunn. An de 5. Juli gouf de Rapport zu dësem Gesetz ugehooll.

An haut géif ech Iech da bidden, dësem Gesetz dann och d'Zoustëmmung ze ginn. An ech bréngen och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als ageschriwwene Riedner hunn ech elo de Vertrieder vun der CSV. Deen huet awer leider e kleng Retard. Da géif ech direkt dem Här Yves Cruchten d'Wuert ginn, an da changéiere mer.

(Interruption)

Ah! Et ass gutt!

► **Plusieurs voix**.- Den Här Schank.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Okay. Entschëllegt. Ech hunn den Här Wilmes hei. Entschëllegt, Här Schank. Et ass kee Problem, mä tant mieux. Et ass un Iech.

Discussion générale

► **M. Marco Schank** (CSV).- Ech mengen, d'Resultat ass datselwecht.

(Hilarité)

Madamm Presidentin, ech wollt fir d'Éischt emol dem Kolleeg Henri Kox Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport vun haut de Mëtten. En huet, mengen ech, déi wesentlech Ännerunge virgedroen.

An ech wollt nach eemol drop hiweisen, datt d'EU-Legislatioun do zoustänneg ass, ënner anerem, fir den Domän vun der Exploitatioun vum Fluchhafen oder vun de Fluchhäfen insgesamt. An ech wollt ënnersträichen, datt de Projet, dee mer haut stëmmen, jo eben och als Objektiv huet, déi legal Basen ze definéieren fir d'Exploitatioun vum Fluchhafen, den Exploitant ze designéieren, awer och de Prestataire vu verschiddene Services, wéi zum Beispill d'Meteo-Service, an dann och de Prestataire vum Fluchverkéier op nationalem Niveau, an eben och do déi entsprechend Responsabilitéiten a Kompetenzberäicher ze fixéieren.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An ech wollt am Numm vu menger Fraktioun och den Accord zu deem Projet bréngen.

Merci.



► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet elo den Här Yves Cruchten d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Jo, villmools Merci, Här President. Villmools Merci awer och, Här Kox, fir Ären exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, deem absolutt näischt bäizeflécken ass. Dofir géif ech just gären den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz gi jo verschidden Turbulenzen elo zu Enn gefouert um Niveau vun der ANA. Ech wëll net méi zrëckgoen, mä et war jo virun e puer Joer do awer zu enger Rei Diskussiounen komm. Duerfir ass et gutt, datt mer elo déi Ännerungen hei virgeholl hunn, wat jo och mat sech bréngt, datt d'Personal op deemselwechten Niveau ka gehale ginn, dass se keng Acquis verléieren.

Ech wëll och drop hiweisen, datt de Fluchhaff jo nach ëmmer an enger immenser Entwécklung ass, soudatt et wichteg ass, datt mer awer esou eng Administratioun hunn, déi fir eng ganz Rei vu Voleten zoustänneg ass. Den Här Kox, deem ech Merci soe fir säi Rapport, huet dat jo ganz extensiv hei virgeluecht.

Ech wëll vläicht kuerz op den Artikel 4 awer nach eng Kéier ze schwätze kommen, wat dem Minister jo d'Méiglechkeet gëtt, verschidden Aufgaben - „peut“, steet jo am Gesetz - un aner Societäten ze delegéieren. Ech denken zum Beispill do un dat, wat d'Fluglotsen ubelaangt. Mir wëssen, datt et immens schweier ass hei zu Lëtzebuerg, fir Fluglotsen ze rekrutéieren. Mir sollten, mengen ech, bis d'Joer 2023 der an déi 36 rekrutéieren. Et ass awer schwierig, déi hei um Marché ze fannen.

Datt do d'DFS och eng Rei Aufgaben iwwerhëlt, dat fënnt eis Zoustëmmung. Mir waren eis dat jo deemools selwer ukucken. Ech géif soen, dat dréit och zur Sécherheet vum Fluchhafbetrëb ouni Zweifel bäi. Duerfir ass dat hei e gutt Gesetz, wat mir als Demokratesch Partei och kënne selbstverständlech ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Bon, mir wäerten eis bei dësem Projet de loi enthalen. An ech wollt d'Enthalung awer och begrënnen.

Et ass scho viles gesot ginn. Den Här Kox huet och e gudder Rapport gemaach, wou en och erkläert huet, wéi déi verschidden Attributionen solle festgeluecht ginn. An ech mengen, en huet jo och gesot, dee Projet de loi ass 2015 deposéiert ginn. Dat ass schonn eng laang Zäit hanner eis. Et huet laang gedauert.

Et ware jo och eng Partie Konflikter an der Tëschenzäit. Ech wollt just nach dorun erënneren. Engersäits gouf et natierlech de Konflikt iwwert d'Radaren, wou et awer zu engem Happy End koom op eng gewëssen Aart a Weis. Et war e bëssen hefteg, mä mir sinn eis do och eens ginn.

Et war awer och en anere Konflikt. An ech erklären dat, well dat erkläert och e bëssen eis puer Problemer: de Sozialkonflikt och, deem nach am Dezember, also Enn 2016, stattfonnt huet beim Personal vu lux-Airport, wou et wierklech haart ass, wou trotz enger Augmentatioun vu 40% vum Trafic d'Personal net erhéicht gouf. D'Salairé goufen och net erhéicht. D'Direktioun hat souguer decidéiert, déi ze geléieren. Den Interim ass geklommen op bis 50%. Et si souguer Uschëllegunge komm vum Personal géintiwuer der Direktioun, datt Spionage géif bedriwwen ginn an esou weider an esou virun.

Et koom zu engem Konflikt. Et koom och zu enger Léisung an deem Konflikt, wat jo och eng gutt Saach ass, mä et därf een net vergiessen: Dat ass och alles eng Konsequenz vun der Liberaliséierungspolitik vum Himmel a vun deem, wat um Buedem ass, also vun de Fluchhäfen an der EU.

A mir si wahrscheinlech eng vun de rare Plazen op der Welt, déi dat ad absurdum dreift, schonn nëmmen, wat d'Fluchlinnen ugeet, wou natierlech eng Limitt do besteet vun effentlechtem Finanzement - ech mengen, et ass bei 35% vum Kapital, ech si mer net méi sécher - a wou ee selbstverständlech duerno de Kierzeren zitt, well aner Kompaniën vun anere Länner op anere Kontinenter, déi sinn net esou domm. An do si Fonds-souverainen derhannert oder esou.

An déi geostrategesch wichteg Linnen, déi kënnen och meeschtens gutt gefouert gi vu Regierungen. Hei gëtt dat blockéiert. Hei muss een ëmmer Aktionäre fannen an esou weider an esou virun.

Mä, och wat den Aeroport ugeet, dat ass eng privat Societéit, wou natierlech de Stat kompletten Aktionär ass, selbstverständlech, mä do gesi mer trotzdem: Och wann s de eng Société anonyme hues an och wann de Stat oder d'effentlech Hand majoritär ass - dee Problem hu mer och bei LuxTram; doriwwer schwätzen ech elo net, ech hu keng Zäit, mä et ass e bëssen äänlech -, da kann et zu groussen Derapagen an zu Sozialofbau féieren.

Ausser vläicht, mir hunn och eng Regierung, déi sech net scheid, fir ze soen: „Mir sinn Aktionär a mir intervenéiere strategesch an den Diskussiounen“, wat dës Regierung ni wëllt maachen; och bei LuxTram net. Wat e Feeler ass, well am Prinzip dierft et guer net esou wäit kommen, datt et zu engem Sozialkonflikt kënnt. Et dierft net esou wäit kommen, wann eng Regierung hir Aarbecht seriö mécht! A si misst kucken, wat d'Vertrieder vun der Regierung an deem Verwaltungsrot decidéieren an ob se eng gutt Aarbecht maachen. Wat an deem Fall net de Fall war!

Bon! Dofir, mir hunn e Problem prinzipiell. Deen heite Projet de loi ass awer - mir soen, ech hunn elo vill kritiséiert - eng gutt Ëmsetzung. Ech mengen, mir ënnerstëtzen... Mir kënnen net dergéint sinn, mä mir sinn awer prinzipiell géint de Prinzip vun der Liberaliséierung. Et ass zwar elo eng Ëmsetzung dovunner, déi gutt gelongen ass, mä mir si prinzipiell... Mir kënnen dat net cautionnéieren, datt mer eis an engem liberaliséierten Ëmfeld bewegen, och wat lux-Airport ugeet. An dofir wäerte mer eis an deem Sënn enthalen.

Voilà! Ech mengen, ech hunn alles gesot. An elo kann deen Nächsten drukommen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, elo d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Merci och virun allem dem Rapporteur, dem Här Kox, fir säi gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport, an allen Deputéierte fir hir Stellungnamen.

Grouss Reformen, déi brauchen Zäit. Dat ass esou. Grouss Reforme ginn och meeschtens kontrovers diskutéiert. Dat ass och normal, dat ass och guer kee Problem. An dat heiten ass zwar nëmmen e klengt Gesetz, mä et ass awer am Fong ee Puzzlestück vun enger grousser Reform, déi mer gemaach hunn, näämlech fir de Fluchhaff mat menger Gesellschaft, als Haaptgesellschaft, sengen Administratiounen ze restrukturéieren, ëmzebauen an e fit ze maachen, fir datt en, éischstens, der europäescher Gesetzgebung entsprecht, mä zweetens awer och, datt en esou opgestallt ass, datt en als Fluchhafen, well mir hunn nëmmen een, ka beschte oder gutt Virussetzungen hunn, fir kënnen ze iwwerliewen.

Ech muss och soen, den Här Wagner huet elo just gesot, et wär e Sozialkonflikt gewiescht um Fluchhafen. Et waren der méi do. Et war ee bei lux-Airport an ee bei der ANA. Dee bei der ANA hat méi mat deem heite Gesetz ze ginn. Dee bei lux-Airport, deem hat villfälteg Grënn.

Ech wëll lech awer soen, datt et net richtig ass, datt d'Salären net gehéicht gi sinn, well de Kollektivvertrag bei lux-Airport, deem herno ofgeschloss ginn ass, ass e ganz gudder gewiescht mat Augmentatiounen tëschtent 3% a 4% vun de Salären. An de Fait, datt Personalmangel herrscht bei lux-Airport, dat ass och net, well lux-Airport kee wëllt stellen, mä dat ass, well de Fluchhafen effektiv déi lescht Joren eng Wahnsinnsdynamik hat.

Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, datt mer an deene leschte fënnef Joer vun zwou Milliounen Passagéier op dës Joer wäerten no un d'Veier-Milliounen-Grenz kommen. Also, mir hunn eng Verdueblung vun de Passagéier bannent fënnef Joer erlieft um Fluchhafen, mat villen neie Gesellschaften, déi komm sinn.

A lux-Airport geet et de Moment net anescht wéi ville privaten oder och effentleche Verwaltungen, Gesellschaften, Établissement-publicken: Et ass schwierig, Leit ze rekrutéieren. A wann op Sous-traitance zrëckgegraff ginn ass phaseweis bei lux-Airport, dann ass et, fir datt een de Betrib konnt oprechterhalen, well mer einfach d'Leit net fonnt hunn, déi gesicht gi si bei lux-Airport. Ech mengen, dat ass den Hannergrond.

Elo kéinte mer laang diskutéieren iwwer Sënn an Onsënn vu verschiddene Saachen am Kontext vun der Liberaliséierung vum europäesche Fluchraum. Do sinn ech gär bereet, dat eng Kéier ze maachen. Et géif awer haut, mengen ech, ze wäit féieren.

Op alle Fall, dat Gesetz vun haut huet net direkt eppes domat ze din; indirekt sécherlech schonn. Zum Beispill de Fait, datt mer hu missen eng Decisioun huelen, wien den Airport Operator gëtt, an datt mer do ee mussen nennen, dee responsabel ass fir de Gesamtfluchhafen. Mir hunn eis decidéiert, fir lux-Airport dat maachen ze loossen, well dat einfach och méi Sënn mécht a well dat op där anerer Säit och déi staatlech Verwaltung ANA protegéiert, well déi dann net ënner kommerziell Recht fällt an hirem Fonctionnement an esou weider an esou virun. Dat heescht, do hu mer méi Spillraum oder méi Flexibilitéit bei der ANA.

Also, wéi gesot, mir hunn natierlech laang diskutéiert, haaptsächlech wéi mer och d'Decisioun geholl hunn, fir lux-Airport als Airport Operator ze nennen a well dat natierlech en Impakt hat, wéi een dat herno géif organiséieren, mä do hu mer awer eng Formule fonnt, déi och konform ass zu der europäescher Gesetzgebung, déi ons awer, mengen ech, all Flexibilitéit léisst, engersäits, an op där anerer Säit awer derfir suergt - an dat war meng Haaptsuerg ëmmer -, datt dee ganze Fluchverkéier vun enger staatlecher Verwaltung geregelt gëtt. Dat heescht, déi ganz Froe vu Sécherheet am Fluchberäich, datt dat bei enger staatlecher Verwaltung bleift.

Dat heescht, lux-Airport ass den Operator ginn. An iwwer sougenannten „service-level agreements“ - déi sinn awer virgesinn an der Direktiv - kann den Operator verschidde Fonctiounen vum Fluchhafen einfach sous-traitéieren.

A mir hunn am Fong hei eppes gemaach, wat e bëssen ontypesch ass, zumindest wann een d'Erfahrungswäerter an deene leschte Jore kuckt. Meeschtens war et ëmgedréit, ass et ëmgedréit gemaach ginn, dann ass sous-traitéiert ginn u Privatgesellschaften. Hei hu mir e Sous-traitement gemaach un eng effentlech Verwaltung. Ech mengen, dat misst lech jo erfreeën, datt mer dat gemaach hunn, zumindest an Arer Philosophie. Mä mir hunn dat awer hei gemaach, well et mir wichtig war, well et an deem dote Beräich, sécherheetsméisseg gesinn, mengen ech, wichteg ass, datt deen ënner effentlecher Hand bleift.

An, wéi gesot, dat heiten, déi Dispositiounen, déi hei am Gesetz sinn, déi droen deem Ganze Rechnung a waren och en Deel vum Accord a Versprieche, wat ech gemaach hunn am Kader vun der Conciliatioun un d'Gewerkschaften, déi bei der ANA sinn - dat ass d'Personalverriedung -, datt mer dat géife maachen. An ech sinn och duerfir frou, datt dat Gesetz haut eng breet Zoustëmmung kritt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Ech géif soen, dass mer prett sinn, fir ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6895 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6895 fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 6895 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber mat der Dispens d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 7282, wou et ëm den Echangeur Diddeleng-Biereng op der A13 geet a wou de Plaffong gesprengt ginn ass, wou mer e Gesetz brauchen. An dat maache mer elo.

4. 7282 - Projet de loi relatif au réaménagement de l'échangeur de Du-delange-Burange situé sur l'auto-route A13

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Ganz richtig, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 7282 bezitt sech op de Finanzement vum neien Echangeur Diddeleng-Biereng, deem d'Collectrice du Sud, d'A13, mat den uleienden Uertschaften an Aktivitéitszone verbënt a schonn zu engem gudden Deel realiséiert ass. D'Decisioun, dësen Echangeur ze bauen, geet zrëck op e regionaalt Verkéierskonzept, dat vun de Gemengen Diddeleng a Beetebuerg zesumme mat de staatlechen Instanzen ausgeschafft ginn ass, dës am Kader vun de Projete Multimodal an Eurohub, déi e grouse Camionstrafic an der ganzer Géigend generéieren.

Wat de Finanzement vun den Aarbechten ugeet, esou waren am Statsbudget vun 2010 schonn 38,6 Milliounen Euro fir de Projet virgesinn. Dëse Montant gouf dunn am Budget vun 2016 op 39,5 Milliounen Euro eropgesat, fir der Evolutioun vun de Käschte Rechnung ze droen. Wéi Dir wësst, huet dee Moment kee Gesetz missen ausgeschafft ginn, well de Budget nach ëmmer ënner 40 Milliounen louch.

Mëttlerweil huet sech awer erausgestallt, datt et och mat deenen 39,5 Milliounen net duergeet, well zousätzlech Aarbechten iwwert de Fonds des routes musse finanzéiert ginn. An zwar d'Entsuergung vun Asbest, deem um Site fonnt ginn ass, de Bau vun enger Brëttel op d'A13 an Direktioun Schengen, déi sech als ganz sennvoll erweist, d'Installatioun vu Lärmschutzwäll laanscht d'Autobunn an de Bau vun enger Vélospist, der PC8, déi ursprénglech net am Projet virgesi war. Alles an allem begräift dës Finanzéierungsgesetz elo de kompletten Amenagement vun der Voirie, de Bau vu véier Brécken a vun enger Vélospist, den Assainissement um Niveau vun der Waassergestioun a vum Asbest, de Lärmschutz an d'Kompenséierungsmoosnamen. Ugefaangen hunn d'Aarbechten am Mee 2014 a se gi viraussichtlech Enn 2020 ofgeschloss.

De Montant, dee mir mat dësem Projet de loi accordéieren, läit elo opgeronnt bei 51 Milliounen Euro.

Dir Dammen an Dir Hären, deposéiert gouf dësse Projet de loi den 18. Abrëll 2018 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch. Den Avis vum Statsrot staamt vum 26. Juni 2018 an huet keng gréisser Problemer geschaaft. Den 29. Juni 2018 huet d'Nohaltegkeetskommissioun sech mam Projet de loi befaasst, natierlech mat der Presentatioun vun allen Aarbechten. An de 5. Juli 2018 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Domat sinn ech schonn um Schluss ukomm a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun mat engem Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Sylvie Andrich-Duval.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).**- Merci, Här President. Et ass e sechsäermegen, risegen Tëntefesch-Rond-point zu Diddeleng-Biereng, dee mer haut stëmmen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen. D'Josée Lorsché ass och elo grad am Detail drop agang. Dofir Merci hir fir hire gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dësen Turbo-Rond-point gëtt effektiv dréngend gebraucht, vu den enormen Trafic, deem an de leschte Joren an deem Eck opkoom. D'Logistiksaktivitéite vun CFL Multimodal an dem Eurohub si wuel wichteg fir eis Wirtschaft, mä si bréngen och intensive Camionsverkéier mat sech. Déi hunn zwar wuel eng eegen Zoufaart, parallel zur A13, der Collectrice du Sud, mä d'Opfaart op d'A13 fir nees eraus aus dem Site muss iwwert deen neie Rond-point goen. Den Accs zum nationale Gesondheetslabo mat der IBBL, der Integrated BioBank of Luxembourg, kritt och elo glécklecherweis eng eege Brëttel.